



## COMMUNE DE GOESDORF

### OFFIZIELL MATDEELUNG Moosname géint COVID-19 Rappel an Upassungen

Wéinst der aktueller Situatioun an dem Noutstand dee vun der Regierung ausgeruff gouf, informéiert lech de Schäffen- a Gemengerot vun der Gemeng Géisdref iwwert di nei, exceptionnell an déi bestehend Moosnamen déi geholl goufen fir d'Ausbreedung vum Coronavirus beschtméiglech ze bremsen andeems en Deplacementer vun de Legt op ee Minimum reduzéiert.

Dir fand hei di wichtegst Mesuren déi geholl goufen :

#### 1. Gemengeservicer :

Schonns säit ee puer Deeg ass jo bekannt datt d'Gemengeservicer bis op Weideres an engem reduzéierte Modus funktionnéieren. An zwar sou wi hei ënne beschriwwen :

- D'Gemengenhaus bleift fir de Public zou, ausser et handelt sech em absolutt dringend an noutwendig Verwaltungsaffairen. D'Gemengeverwaltung selwer funktionnéiert just nach op Rendez-vous. Wann et sech em eng Urgence handelt, sief et am administrativen oder technische Beräich, rufft wegl um Telefon **83 92 70** un oder schéckt eis eng Email iwwer folgend Adress : [commune@goesdorf.lu](mailto:commune@goesdorf.lu).
- All d'Gemengesäll, d'Sportshal, d'Spillsplazen, Schoulhaff oder soss ëffentlech Plazen se fir de Public gespoart.
- D'Chantier'en bleiwen bis op Weideres zou.

#### 2. Aner Servicer :

- D'Grondschoul, d'Maison relais an d'Crèche bleiwe bis zum 19. Abrëll 2020 zou. All des Aktivitéiten fänken also réicht den 20. Abrëll 2020 rem un ze funktionnéieren an nek schonns den 30. Mäerz 2020 wéi dat am Ufank matgedeelt gouf.
- All d'Kontrakter déi am Kader vum Chèque-service accueil gemaach goufen an déi lo an dëser Krisenzäit oflafen, ginn automatesch verlängert. Soubal des Suspensionszäit eriwwer ass, sollen d'Elteren eng nei Demande maachen fir de Chèque-Service ze verlängeren. Des Verlängerung gëllt dann och réckwierkend.
- De Vidange vun de Poubellen bleift weider garantéiert.
- **D'Kleedersammlung vum 1. Abrëll 2020 ass annulléiert.**
- All d'Restaurant'en, Café'en, a Geschäfte sinn zou. Net betraff dovun sinn zum Beispill d'Liewesméttelgeschäfte, d'Apdikten, d'Optiker, d'Postservicer, d'Banken, d'Tankstellen, d'Zeitungsbutteker an Geschäfte mat Hygienesartikelen ; déi hunn also weiderhinn op.

### **3. Keng Manifestatiounen :**

All Evenementer a Manifestatiounen vun der Gemeng sinn bis op Weideres ofgesot oder goufe reportéiert. Dat gëllt och fir privat Fester a Versammlungen déi an de Gemengegebaier geplangt woren.

### **4. Kierfechter :**

Äusser dene Fäll déi hei genannt sinn, sinn all d'Kierfechter an der Gemeng fir d'Bierger zou. Während engem zivilen oder religiöse Begrieffnis ass just di nooste Famill, an dat bis maximal 10 Legt, zougelooss. D'Legt mussen ee Secherheetsofstand zouenaner anhalen an d'Dauer vum Begrieffnis ass op ee strikte Minimum ze begrenzen (Richtlinn vum Gesondheitsministère vum 26. Mäerz 2020).

### **5. Hëllefssaktioun :**

D'Gemeng Géisdref huet, zesumme mat Fräiwëlligen, eng Hëllefssaktioun op d'Been gestallt fir di vulnerabel Legt z'ënnerstëtzen andem se Liewensmëttel oder Medikamenter Heem geliwwert kréien.

Dëse Service wäert weider funktionnéieren soulaang d'Kris dauert.

Wann Dir eng vulnerabel Persoun sidd a vun dësem Service profitéiere wëllt, da rufft eis un op der Telefonsnummer **83 92 70**.

Weider Informatiounen fand Dir och op eiser Internetsäit [www.goesdorf.lu](http://www.goesdorf.lu) .

### **6. Passbureau, Visa'en a Légalisatiounen :**

Wéinst der Krisesituatioun, huet de Passbureau bis op Weideres och d'Ausstelle vu lëtzebuergische Päss oder Reesbescheinigungen suspendéiert.

Während dëser Zäit ginn also och keng Demande fir en neie Pass op de Gemenge méi ugehall.

Weider Informatiounen fand Dir op der Internetsäit vum Passbureau oder vum Äusseministère.

### **7. Carte d'identité'en :**

D'Gültegkeet vun de Carte d'identité'en fir d'Lëtzebuurger déi an eng aner Gemeng wunne ginn oder vu Carte d'identité déi nom 1. Mäerz 2020 ofgelaf sinn oder oflafe wäerten, gëtt verlängert soulaang di sanitär Kris dauert.  
(großherzoglecht Reglement vum 25. Mäerz 2020)

Wann Dir schonns an der lescht eng nei Carte d'identité ugefrot hutt, kënn Dir se op Rendez-vous bei der Gemeng laanscht siche goen.

Fir all weider Informatioun, biede mer lech d'Internetsäite vum Educatiounsministère ([www.men.lu](http://www.men.lu)), vun der Regierung ([www.gouvernement.lu](http://www.gouvernement.lu)) oder och vum Gesondheitsministère ([www.sante.lu](http://www.sante.lu)) ze consultéieren.

**De Schäffen- a Gemengerot vun der Gemeng Géisdref**